

Rapport Referees Commission 17 Oktober 2017

Uwiesend: Ney, Geib, Simonelli, Weinzierl, Schmitt, Frieseisen, Weber

Entschellegt: Pascalicchio, Keiffer, Nesser

1. Adoptioun vum Rapport vum 19.09.2017

De Rapport ass approvéiert. (*Le rapport est approuvé.*)

2. "Journée Arbitrage" de Weekend vum 30.9 - 01.10 (FLVB, FLBB, FLF, FLTT, FLH)

Bilan: D'Veräiner hunn all matgemaach. Déi zousätzlech Roll-up fir sämtlech Veräiner sinn nach net geliwwert ginn. Soubal sie do sinn ginn sie un d'Veräiner verdeelt, déi nach keen hunn. (Les clubs ont tous participé. Les Roll-up supplémentaires ne sont pas encore arrivés. Ils seront délivrés aux clubs dès qu'ils arrivent.)

3. Bilan Saisonufank

Déi éischt 3 Spilldeeg gouf et e puer Problemer ewéi z.Bsp. keen Offiziellen do, Prozedur virum Match oder d'Matchufangszäit. D'Clibb hun sech awer elo dru gewinnt, an et klappt ëmmer besser. (Les 3 premières journées ont a eu quelques petits soucis, mais les clubs se sont habitués à la procédure)

@Arbitter: D'Fiche technique muss propper an zur Zäit ausgefëllt ginn. (La fiche technique doit être saisie proprement le plus vite possible.)

Kloerstellung: Den Heemveräin däerf an der Nationaldivisioun en zousätzleche Sekretär stellen, deen de manuelle Spillbou mécht. Des Persoun däerf awer och just déi Funktioun iwuerhuelen an keng Kommentaren oder soss Afloss op de Match huelen. (**Clarification** : Le club recevant peut engager un secrétaire supplémentaire pour saisir une FDM manuelle. Cette personne n'a pas le droit de commenter ou influencer le match.)

Wichtig: Fir ze garantéieren dass 3 Léit Platz hunn, muss bei Matcher an der Nationaldivisioun den offiziellen Dësch **2,4 bis 3,0 m** breet sinn. Dëst gëllt ab dem 01.01.2018. (La table officielle en division nationale doit mesurer entre **2,4 à 3,0 m**. Ceci est valable à partir du 01.01.2018.)

4. FLH-Delegéiert

Bis elo huet nach keen d'Formatioun komplett ofgeschloss. D'Kandidate gi kontaktéiert vum Paul Nesser fir e néien Examenstermin ze fannen. (Aucun candidat n'a terminé la formation. Les personnes concernées seront contactées par M. Paul Nesser afin de fixer une date pour l'examen théorique.)

5. Arbitterformatiounen 2017/2018

Rappel: De Patrick Simonelli organiséiert eng Formatioun den **21.10** vun **09h00 bis 12h00 um INS/Sportlycée**. D'Präsenz vun all Arbitter as obligatoresch! (M. Patrick Simonelli organisera une formation pour tous les arbitres le **21.10** de **09h00 à 12h00 à l'INS**. La présence de tous les membres du corps arbitral est obligatoire.)

6. Mathias Ritchen freet fir zu Lëtzebuerg ze päifen mat sengem Partner

Den Här Ritchen gëtt via Email iwwer d'Prozedur informéiert. (M. Ritchen recevra toutes les informations via email)

7. Cours Secrétaires/Chronométreurs

Am ganze ware 36 Léit bei den 2 Formatioune present. (36 personnes étaient présentes lors des 2 formations.)

8. Headsets

D'Arbitter si mat de néien Headset ganz zefridden. (Les arbitres sont très contents avec les nouveaux headsets.)

9. Receptioun Arbitter + EHF Delegéierten 24.10-26.10

D'Mariella Pascalicchio an de Paul Nesser maachen den Empfang vun dem EHF Delegéierten an den EHF-Arbitter. (Mme Mariella Pascalicchio et M. Paul Nesser sont responsables de la réception des officiels EHF.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 21. November um 18:15.